

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Dir Dammen an Dir Hären, zënter e puer Joer ass jiddferengem heibannen dee kolossale Gesondheitsrisiko, dee vum Asbest ausgeet, bekannt, wat seng Kriibs-réperussiounen ubelaangt. Déi Fro, déi ech hei stellen als Question urgente, ass eng Fro, déi u mech erugedroe ginn ass duerch eng ganz Rei vu Beschäftegte vun der CFL am Raum Péiteng, déi mech en Donneschdegowend op d'Plaz geruff hunn, fir dass ech hinne soll hëllefen, well se ganz einfach Angscht hu virun enger Mesure vun Asbestsanéierung an den Annexé vun der Péitenger Gare.

(Interruptions diverses)

Et ass ganz kloer, an et steet och an enger Question urgente hei duergestallt,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...dass de Fait, dass den Asbest aus deenen Annexen, aus deenen Ateliers enausgeholl soll ginn, eng ganz positiv Saach ass. Et ass also net, dass een dat soll kritiséieren.

Et ass eng Firma domadder chargeiert ginn, déi dat och an deenen néidege Kostüme mat deenen néidege Moossname gemaach huet. Dogéint ass och nâischt anzewenden. De Problem ass awer, dass et sech hei ëm Beschäftegter vun der CFL handelt an net vun enger spezialisierter Firma, déi awer an deenen Deeg zënter dass dat ugefaange ginn ass zu Péiteng an deenen Annexé vun der Gare, dat ass zënter leschte Méindeg oder Dën-schdeg, e puer Deeg laang an deeneselwechten Halen, wou d'Plaqué vum Plaffong erofgeholl gi sinn, déi asbesthaltig waren, dass déi awer och do eran- an erausgaange sinn. Déi hunn hiert ganzt Material do stoe gehat, déi hunn hir Camionnetten do stoe gehat, si hunn hir Openthaltsraum do a si hunn hir lessraum do am Sall niewendrun. Déi Leit hu ganz einfach Angscht gehat, dass si net genügend opmierksam gemaach gi si virun de méiglechen Asbest-fibren an deene Raimlechkeeten, a si hunn Angscht gehat, dass si doduerjer och kéinte krank ginn.

Meng Froe bezéie sech also dorobber, eischstens ob, a wann net, firwat net, dofir gesuergt ginn ass, dass do déi Mesure vun Désamiantage op eng seriö Aart a Weis gemaach ginn ass, déi och d'Personal vun der CFL, dat do erakénnt, géif beschützen. Dat heescht, de Minimum wär warscheinlech gewiescht, dass een deene Leit hätt misse Maske ginn, mindestens, wa se sech an deenen doten Halen hu missen ophalen. Déi Leit hunn op jidde Fall Angscht gehat, a si hu gefrot fir ze intervenéiere fir net mussen erëm an déi Halen do eranzegoen. Dat war en Donneschdegowend, an e Freidegmoien hu se awer misse schaffe goen, vum Prinzip hier. An dofir hunn ech déi Question als urgente hei ugefrot, fir ze wëssen, Här Minister, wat da gemaach ginn ass, fir deen Désamiantage do op eng seriö Aart a Weis duerchzeféieren, fir d'Leit ze warnen, wa se an deenen Hale wäeren, dass se mindestens vun hire Viraarbechter hätte misse Masken zur Verfügung gestallt kréien, wa se hätte sech missen an déi Halen do erabeginn.

An eng wichteg Fro: Wäer et net sënnvoll gewiescht, wann een esou Ateliers an esou Annexé wëllt sanéieren, wat positiv ass, dass een dann awer während e puer Deeg déi Annexen zoumécht, carrément ofdicht an zoumécht, an net dass Leit, déi do awer all Dag schaffen, mussen an déi Halen do eragoe fir un hiert Material iwwerhaapt do erunzekommen. An dann eng lescht Fro, déi ech wollt stellen, dat ass déi: Huet bei deenen doten Aarbechten iwwerhaapt eng Genehmegung virgeluecht?

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech äntwerten hei am Numm vum Här Grethen, vum Här Wagner a vu mir selwer.

Et ass effektiv esou, dass an deem alen Hall à marchandises an der Péitenger Gare, wéi dee sollt transforméiert ginn, dass op eemol d'Leit duerch d'CFL do Plaqué fonnt hunn, vun engem falsche Plaffong, a se hu sech gefrot, ob do kéint Asbest dobäi sinn oder net. Dorobberhi sinn déi Aarbechten direkt de 14. Januar ënnerbrach ginn an eng Analys vu Lux-control huet effektiv confirméiert, dass Asbest do wär. Dunn ass e Betrib engagéiert ginn, fir déi Plaquen, dat waren 129 m², ofzemon-téieren. Déi Aarbechte si vum 19. bis den 21. Januar 2004 ënnerholl ginn. D'CFL war effektiv der Meenung, dat wär e klengere Problem, an de Betrib selwer, deen do war, deen hat gemengt, en hätt nëmmen eppes mat Eternit ze dinn.

Während där ganzer Zäit ass effektiv gesot ginn, dass d'CFL, also déi Leit, déi do geschafft hunn, déi wäeren ofgeséichert. Allerdéngs war e Problem vun de Leit vun der CFL, an d'CFL huet hire Beamte verbueden, an deen Hall do eranzegoe während den Aarbechten. De Problem ass, wéi ech muss soen, do muss ee sech och selwer als Agent Froe stellen, dass virun an no den Aarbechten déi Leit awer doduerch zirkuléiert sinn, wat effektiv - ech kommen drop zrëck - e Problem duerstellt. An der CFL gëtt et en Departement, deen heescht Service qualité sécurité environnement, deen ass informéiert ginn iwwert déi dote Problemer, an deen huet direkt intervenéiert, den 21. Januar mëttes, an dann huet e vum 22. Januar un all Zougang zu deem Hall do verbueden. Dee Moment waren allerdéngs d'Aarbechte fäerdeg.

De Problem ass, dass niewent deem Hall Büroen, Vestiaires an e Réfectoire sinn, esou dass een eng Kontamination effektiv net kann ausschléissen. Dofir ass de 26. - Januar, wéi eréischt d'ITM - an do kommen ech och nach eng Kéier drop zrëck - endlech informéiert gouf, décidéiert ginn, dass och déi dote Lokaler net méi kéinte betruede ginn, ebe well de Problem ass, do kritt ee relativ séier Fibren op säi Kierper, an dann dréit een déi erëm eraus, an dann ass effektiv d'Gefor vun enger Infektioun do. Dorobberhin ass och en neie Betrib vun der CFL kontaktéiert ginn, fir effektiv alles propper ze maachen. Dat ass dann och geschitt, esou dass alles en cours ass.

Ech wëll allerdéngs nach e puer Remarque maachen. Eischstens, déi Travaux de démontage vun deem Asbest sinn duerchgefouert ginn, ouni dass déi néideg Kommodo-Autorisatioun ugefrot war. Dat ass kloer, well mir sinn als ITM - an do kommen ech nach eng Kéier drop zrëck - eréischt ganz kierzlech drop opmierksam gemaach ginn, dat heescht et huet ni ee bei der ITM gefrot fir do eng Kommodo-Autorisatioun ze kréien. Zweetens, déi Prozedur, no där geschafft gouf, ass net korrekt zu deem wat do war. Allerdéngs muss ech soen, dass am Ufank déi Envergure net vun de Leit virausgesi gouf, a muss ech och soen, dass et net ëmmer einfach ass fir ze wëssen: Wat ass Asbest, wat ass keen Asbest, a wéi schwierig ass d'Saach? Wann eng normal Autorisatioun gefrot gi wär bei der ITM, da wäer selbstverständlech sämtlech virgesinne Prozeduren och respektéiert gi vun eiser Säit.

Et handelt sech bei deene Leit, déi eragaange sinn, ëm 15 Leit. Do huet och d'Direction de la Santé drop gehalen, dass déi 15 eventuell oder potenziell infektéiert Leit elo vum Dokter gekuckt ginn. Do gëtt eng Radiographie gemaach vun de Longen, well dat ass dat Geféierlechst, beim Service de Travail, deen dofir kompetent ass, a

selbstverständlech ass deen Dossier och du vun der Direction de la Santé weidergaangen un d'ITM respektiv un d'Assurance accident. Dann ass et och esou, dass d'CFL selbstverständlech esou séier wéi méiglech hir Dispositiounen geholl huet, op Grond vun deem wat hire Service Contrôle do gemaach huet, nämlech et gëtt elo alles gebotzt vun enger spezialisierter Firma, dat ass vum 23. Januar un de Fall. Da gëtt haut eng Analys vu Lux-control virgeholl respektiv - an dat hunn ech scho gesot - de Médecin du travail vun der CFL kontrolléiert dat och nach no.

Elo wëll ech dann nach zwou of-schléissend Remarque maachen. Déi éischt ass déi, dass ech et awer befriemlech fannen, dass, wann esou eppes geschitt, do net déi normal Kanäl ageschalt ginn. Well wann, virun enger Woch, vun deene Leit, déi do Problemer gehat hätten, direkt d'ITM ageschalt gi wär, oder den Environnement, oder wie weess och ëmmer iergendeng staatlech Instanz, da wäer mer et och éischter gewuer ginn, well ech fannen et awer e bësse komesch, dass eng Regierungsinstanz dat muss iwwer eng Question parlementaire gewuer ginn.

An dat Zweet, wat ech wëll soen, dat adresséiert sech un Iech, Här Huss: Ech géif Iech wärmstens empfehlen, vu dass Dir och an deen Hall eragaange sidd, am-plaz eis unzerufen, dass Dir och géift bei den Dokter goen an och déi Radiologie géift maachen, well ech awer wëllt verhënneren, dass Dir elo hei géift déi ganz Chamber kontaminéieren.

(Interruptions et hilarité)

Une voix.- Gutt!

M. le Président.- Jo, den Här Minister Grethen huet sech bereet erkläert, eng Fro ze beäntweren, déi den Här Jaerling gestallt huet. Eng Fro, déi den Här Gibéryen opgeworf hat...

8. Question parlementaire N° 2534 de M. Aly Jaerling relative à l'organisation de navettes en cas de retards des trains

(Interruptions diverses)

Une voix.- Wou ass den Här Jaerling?

Une autre voix.- En huet jo awer eng Fro gestallt!

M. le Président.- Den Här Grethen dréit d'Fro an engems vir.

(Interruptions et hilarité)

Une voix.- D'Fro muss awer nach gestallt ginn!

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Soll ech se stellen, Här President, am-plaz vum Här Jaerling? Neen, léiwer net!

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Ech wëll froen, Här President, wéi elo genau d'Prozedur hei ass?

M. le Président.- Vu dass den Här Minister elo hei ass, an e seet, majo ech wëll dat elo direkt maachen, ech wëll net waarde bis déi nächste Kéier...

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Da géing ech proposéieren, dass mer géingen e puer Minutte waarde bis den Här Jaerling hei wär.

(Brouhaha général et hilarité)

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Ech verzichten drop. Den ADR ass net drun interesséiert, dass en eng Äntwert kritt.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Dach. Här President, dat doten ass eng Prozedur. Et kann net e Minister heibannen opstoen a soen: Elo äntwerten ech op eng Fro!

(Hilarité)

Bis elo ass nach ëmmer virdrun ofgeschwat ginn - Här Biltgen, dat wësst Dir och - mat engem Deputéierten, wéini dass eng Fro gestallt gëtt.

An da war den Deputéierten och do, Madame Stein.

(Interruption)

Genau wéi een Deputéierten net kann engem Minister eng Fro stellen, wann en net hei ass.

M. le Président.- Den Här Minister wier esou gentil gewiescht, en hätt d'Fro selwer virgedroen.

Ech gesinn elo, de Minister huet se den 20. Januar scho beäntwert, awer se schéngt nach net ukomm ze sinn. E wär awer esou fair gewiescht an en hätt d'Fro selwer virgedroen an da beäntwert. E seet, ech sinn haut hei, wann Der se déi nächst Woch huet, da sinn ech vläicht net hei. Also ech mengen, wat direkt gemaach gëtt, dat ass gemaach.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Wann de Minister se schrëftlech beäntwert huet, dann ass jo alles an der Rei. Da brauch en et net nach mëndlech hei ze maachen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Mä Dir hutt mech awer heihin zitéiert.

M. le Président.- Dee Punkt ass ofgeschloss.

(Interruption)

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement*.- Ma, well Der Äre Courier nach net gekuckt hutt.

(Interruptions)

M. le Président.- Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de révision vum Artikel 24 vun eiser Verfassung.

Ech wëll drun erënneren, datt bei enger Verfassungsrevisioun den Artikel 114 vun der Verfassung applizéiert gëtt. Iwwer all Verfassungsännerung muss zweemol ofgestëmmt ginn. Tëschent deenen zwou Ofstëmmunge muss mindestens dräi Méint leien. Op d'mannst zwee Drëttel vun den Deputéierte muss sech bei der Ofstëmmung fir d'Ofännerungen aussprechen an de Vote par procuration ass net erlaabt.

D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger, Rapporteur vum Projet de révision.

9. 3924 - Projet de révision de l'article 24 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Chamber haut der Revisioun vum Artikel 24 vun eiser Verfassung zoustëmmt, dann dréckt si domat onweigerlech hire Wëllen aus nach dës Legislaturperiod de Projet de loi 4910 iwwert d'Liberté d'expression dans les médias, dat sou genannte Pressegesetz hei am Plenum ze diskutéieren an zu enger Ofstëmmung ze bréngen.

Den Artikel 24 consacréiert nämlech hei am Land d'Pressefräiheet an domat d'Fräiheet fir all Mënsch a bei alle Geleeënheete seng Meenung ze soen a se och dobaussen ze verrieden.

D'Revisioun vum Artikel 24 ass deemno och d'Conditio sine qua non, fir dat neit Gesetz iwwert d'Medien, wou déi zoustänneg

Kommissioun net manner wéi 32 Amendementer un de Conseil d'État viruginn huet, konform mat eiser Verfassung ze setzen.

Den 19. Abrëll 1994 ass esou e Projet de loi mat der Nummer 3924 fir d'Emännerung vum Artikel 24 an der Chamber déposéiert ginn. Fir déi sukzessiv Ännerungsvirschléi à leur juste valeur kënnen ze apprécieieren, muss ee wëssen, datt am Artikel 24 vun der Verfassung niewent dem Énoncé vun der Pressefräiheet an der Konditioun, datt hei zu Lëtzebuerg ni d'Zensur kann agefouert ginn, nach dräi zousätzlech Sätz stinn, déi en substance Folgendes bestëmmen:

Drëtte Saz: Et kann ee vun de Schrëftsteller, also de Journalisten, den Éditeurs an den Imprimeurs kee Cautionnement verlaangen.

Véierte Saz: Déi inlännesch Zeitungen a Périodiquen ënnerleie kengem Droit de timbre.

Fënnefte Saz: Den Éditeur, Imprimeur oder Distributeur kann net poursuivéiert ginn, wann den Auteur vum Artikel bekannt ass an hei am Land domiciliéiert ass. An dësem Saz ass de Principe d'impunité, also eng Zort vun Onstroofbarkeet verankert, fir déi virgenannten an opgezielte Leit.

Déi zoustänneg Kommissioun war 1994 der Meenung, datt dëse Prinzip sech applizéiere muss onofhängeg vun der Nationalitéit vum Auteur.

Här President, ech géing bieden...

M. le Président.- E bësse méi Opmierksamkeet wär ubruecht. Den Artikel 24 vun der Verfassung gëtt geännert, an do soll nun awer wierklech jidderee genee nolauschten.

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*), *rapporteur*.- Ech hunn e Retour an den Oueren, datt ech mech selwer net méi verstinn.

(Interruption)

Dir hutt Är haut geliwwert, Här Gibéryen. Do wier ech nun awer roueg.

Déi zoustänneg Kommissioun war 1994 der Meenung, datt dëse Prinzip sech applizéiere muss onofhängeg vun der Nationalitéit vum Auteur, an huet deemno bei dëser éischter Revisioun vum Artikel 24 vun eiser Verfassung virgeschloen, déi Partikels'il est Luxembourgeois" ze sträichen.

De 6. Mee vun deemselwechte Joer huet de Conseil d'État seng Zoustëmmung zu dëser Proposition ginn.

De 25. Mäerz 1999 huet dann d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle en neien Amendement dem Conseil d'État virgeluecht. Déi zwee éischt Sätz iwwert de Prinzip vun der Pressefräiheet an datt ni Zensur kann agefouert ginn zu Lëtzebuerg goufe bäibehalen, an den 3., 4. a 5. Saz, déi iwwert de Cautionnement, den Droit de timbre an de Principe vun der Responsabilité en cascade sinn ewechgelooss ginn.

Bei dësem Amendement huet d'Kommissioun sech dorop baséiert, datt et sech hei ëm Detailfroen handelt, déi vläicht hir Berechtigung am 19. Jorhonnert hatten, mä déi haut de loin iwwerholl sinn. Déi Dispositiounen hu sech och nëmmen op déi geschriwwen Press ugewannt.

A sengem Avis complémentaire vum 27. Abrëll 1999 huet de Conseil d'État säin Accord ginn, esou datt sech eng Eestëmmegkeet, wat deen neien Text ubelaangt, tëschent dem Conseil d'État an der zoustänneger Kommissioun erausgeschielt huet. Dat war nach an der viregter Legislaturperiod, wou dann och décidéiert gouf, de Vote vum neien Artikel 24 ze reportéiere bis dat neit Pressegesetz déposéiert wier.

Dës Regierung huet dann Neel mat Käpp gemaach an e Projet vun engem neie Mediegesetz déposéiert, deen an der zoustänneger Mediekommissioun diskutéiert an amendéiert ginn ass. Do waarde mer op den Avis complémentaire vum Conseil d'État an da kann dësen Text an de Plenum kommen.

A véier verschiddene Sätzungen huet eis Kommissioun sech jee weils mat dem Artikel 24 befaasst, bis se dann den 23. Dezember 2003 mat engem Brëif vum President vun der Mediekommissioun saiséiert ginn ass mat der Informatioun seng Kommissioun hätt an deem neie Mediegesetz déi vun der Regierung proposéierte Responsabilité solidaire duerch d'Reponsabilité en cascade ersat, an zwar an engem neien Artikel 21, dee folgendermoosse libelléiert ass: „La responsabilité civile ou pénale pour toute faute commise par la voie d'un média incombe au collaborateur, s'il est connu, à défaut à l'éditeur et à défaut au diffuseur.“

An Zukunft begräift d'Reponsabilité en cascade den Auteur, den Éditeur an den Diffuseur, an dat esouwuel en matière civile, dat heescht am Kader vun den Artikelen 1382, 1383 an 1382 Alinéa 3 vum Code civil, wéi awer och am Strofrecht. Esouwäit den Historique vun dësem Artikel 24, deen awer an deem allgemenge Kontext vun der Pressefräiheet seng Wichtigkeet huet.

A senger Sëtzung vum 14. Januar vun dësem Joer huet d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle nach eng Kéier de Libellé examinéiert an den definitiven Text vum Artikel 24 vun der Verfassung arrétéiert.

Den éischte Saz, dee mat Nodrock d'Pressefräiheet consacréiert, bleift bestoen. Dee bezitt sech op jiddfer Bierger an op jiddfer Form vu Pressefräiheet: Déi geschriwwen Press, déi geschwate Press, déi téléviséiert Press.

D'Dispositioun iwwert d'Zensur bleift am Text vun der Verfassung. D'Ofschafe vun enger Reminiscenz aus dem Mëttelalter an engem Bestanddeel vun totalitärer Regime soll de laangjährege Kampf fir d'Pressefräiheet mat aller Force dokumentéieren. Dëse Saz soll net als Überbleibsel oder Souvenir u freier Zäiten déngen, mä an aller Symbolik témoignéieren, datt et eng Zensur an eisem Land ni ginn ass an och ni gëtt.

(Interruption)

Ech schwätze vu säit 1848 un. Weinstens stong dat an der Verfassung.

Den 3., 4. a 5. Saz bleiwe gestrach. Déi sinn net méi zäitgeméiss. Ech rappeléieren nach eng Kéier:

- D'Journaliste brauche kee Cautionnement ze leeschten. Dat heescht, eventuell Amendes ze bezuelen.

- Den Droit de timbre ass ofgeschaaft.

- D'Reponsabilité par cascade kennt an dat neit Gesetz stoen.

D'Kommissioun huet och nach diskutéiert, ob den Droit à l'information fir jiddfer Bierger net och nach seng Plaz am Artikel 24 vun der Verfassung hätt. Dat bedéngt awer eng approfondéiert Diskussioun, déi mir net an der Zäit bis zum Enn vun dëser Legislatur gefouert kréien. Wéi ech schonns gesot hunn, ass d'Revisioun vum Artikel 24 deen éischten Artikel, deen no deenen neien Dispositiounen vum Artikel 114 vun der Verfassung, déi mir am Dezember 2003 hei ugeholl hunn, gestëmmt gëtt. En ass e Préalabel zu dem ustehende Mediegesetz. Deemno bieden ech d'Chamber dësen neien Text vum Artikel 24 ä folgender Fassung ze stëmmen:

„Article 24.: La liberté de manifester ses opinions par la parole en toutes matières, et la liberté de la presse sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'oc-

casion de l'exercice des ces libertés. - La censure ne pourra jamais être établie.“

Zu gläicher Zäit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bréngen ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Text vum Artikel 24 vun der Verfassung.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber huet haut iwwert d'Ofännerung vum Artikel 24 vun der Verfassung ze befanen. De Rapporteur Jean-Paul Rip-pinger huet op eng kloer Aart a Weis den Historique an och de Sënn vun där Verfassungsännerung duergeluecht, sou dass ech mech hei relativ kuerz ka faassen, fir och e bësselchen op d'Bedeutung, wéi et bis elo war, vun deene Mesurë kënnen zrëckzekommen.

D'Verfassungskommissioun schléit vir, déi dräi lescht Sätz vun dem Artikel 24 vun der Verfassung, sou wéi en haut a Kraaft ass, ofzeschaffen. Déi dräi Sätz betreffen de Cautionnement, den Droit de timbre an déi sou genannt Responsabilité par cascade. Wann d'Chamber en Artikel vun der Verfassung ofännert oder ofschaaft, muss se och seriö a valabel Grënn hunn, fir déi Entscheedung ze treffen.

Beim Artikel 24 muss een och versichen ze verstoen, firwat déi do dräi Bestëmmungen zënter 1848 an der Verfassung stoungen. Eis Verfassung vun 1848 ass eng Kopie vum belsche Grondgesetz vun 1830. De belsche Verfassungskongress huet 1830 deem Artikel eng ganz grouss Bedeitung bäigemooss. Hie wollt, dass besonnesch och d'Meenungs- an d'Pressefräiheet kloer an der Verfassung verankert wieren, well déi Fräiheeten ënnert dem hollännesche Kinnek Wëllem den Éischten net respektéiert goufen, oder awer well eng ganz Rei Moosssname virdru geholl gi waren, déi déi Fräiheet ganz staark ageschränkt hunn. An dat war besonnesch de Cautionnement, deen dozou gedéngt huet, dass d'Pressefräiheet ageschränkt ginn ass. De belsche Constituant vun 1830 wollt duerch déi kloer Bestëmmunge verhënneren, datt an deem neie belsche Kinnekräich vun 1830 d'Press, déi bei der Revolutioun eng gewësse Roll an och eng grouss Roll gespillt hat, erëm kennt ageschränkt ginn.

Déi dräi Moosssnamen, déi mer haut ofschafen, hunn dofir 1830 eng Bedeitung gehat, déi se awer haut, duerch déi geschichtlech Entwécklung wou mer dra sinn, net méi hunn. Dofir war och d'Kommissioun der Meenung, dass een déi dräi Bestëmmunge kennt ofschafen.

Wat waren déi dräi Bestëmmungen? De Cautionnement, deen an der Verfassung vun 1848 stoung an doduerch verbuede gouf, huet virgesinn, dass den Auteur, den Éditeur oder den Imprimeur konnt verflücht ginn eng gewëssen Zomm Geld bei der Statskeess ze hannerleeën als Garantie fir eng eventuell Verurteelung. De Cautionnement konnt awer esou héich festgesat ginn, dass et onméiglech war fir den Auteur, den Éditeur oder den Imprimeur, fir iwwerhaupt dee Geldbetrag zesummenzekréien. Doduerch ass dann d'Pressefräiheet wesentlech ageschränkt ginn, wann net onméiglech gemaach ginn. Datselwecht géllt och fir den Droit de timbre.

Wat de leschte Saz vum Artikel 24 ugeet iwwert d'Reponsabilitéit, do war et esou, dass an der Verfassung, wéi mer se elo hunn, den Éditeur, den Imprimeur oder den Distributeur net konnte poursuivéiert ginn, wann den Auteur be-

kannt war, wann e Lëtzebuerger war a wann en hei am Land gewunnt huet. Och dee Saz, wéi en an der belscher Verfassung vun 1830 stoung, war eigentlech eng Reaktioun vum belsche Constituant géint déi Texter, wéi se virdrun an der hollännescher Verfassung dra-stoungen.

An ech wëll hei den Text vun där deemoleger Verfassung zitéieren: «Tout auteur, imprimeur, éditeur ou distributeur est responsable des écrits qui blessent les droits, soit de la société, soit d'un individu.» An den Auteur Thonissen, huet a sengem Wierk «La constitution belge annotée» geschriwwen: «Tous ceux qui, à un titre quelconque, avaient coopéré à la rédaction ou même à la gestion d'un journal étaient punis, les uns comme auteurs, les autres comme complices. Les bailleurs de fonds eux-mêmes n'échappaient pas à cette responsabilité collective.»

Ënnert dem hollännesche Regime huet also eng Responsabilité collective bestanen a jidderee konnt poursuivéiert a condamnéiert ginn. Déi kollektiv Responsabilitéit wollt de belsche Constituant vun 1830 net méi an der Verfassung dran hunn, oder iwwerhaupt ganz ofschafen. Dofir ass eben dee Saz vun der Responsabilité en cascade an d'Verfassung drakomm, deen och haut nach drasteet.

Haut si mer der Meenung, ofgesi vu verschiddenen Ännerungen, déi net méi mat eisen Texter iwwertene klappen, wéi och, dass d'Konditioun vun den Nationalitéiten haut drasteet, dass déi do Bedingungen eigentlech net an d'Verfassung gehéieren, mä an ee Mediegesetz an dofir war och d'Mediekommissioun an d'Verfassungskommissioun der Meenung, fir dee Saz erauszehuelen an en op eng modern Aart a Weis an d'Mediegesetz eranzebréngen.

Den Artikel 24, wéi en elo virläit a gestëmmt soll ginn, ass en Text deen d'Meenungs- an d'Pressefräiheet op eng ganz prägnant a kuerz Aart a Weis zum Ausdrock bréngt. Ech wëll net op déi villschichteg Facettë vun der Pressefräiheet agoen. Erlaabt mer awer drop hinzewiesen, dass d'Press besonnesch och am politesche Beräich eng wichteg Roll an enger Demokratie spillt.

D'Diskussiounen vun haut, Dir Dammen an Dir Hären, kënnen net bei de Wieler an net bei de Bierger kommen, wann d'Press se net rausdréckt. D'Press ass dofir ee wichtegt Element am demokratesche Stat. E Stat ass nëmme wierklech demokratesch a fräi wann och d'Pressefräiheet besteet. D'Press ass fräi, wa se op eng villschichteg a villsäiteg Aart a Weis informéiere kann, wa se pluralistes ass a wa jiddereen, deen eng Meenung ze soen huet, déi och no bausse kann droen. An dat kann en oft nëmme maache wann en och iwwert déi finanziell Mëttele verfügt.

Dofir huet och de Lëtzebuerger Stat schonn - just fir de Pluralissem do ze garantéieren - an de 70er Joren e Gesetz geschaaft, fir der Press finanziell Mëttelen ze sécheren. Si ass och fräi, wa se Zougank zu den Informatiounen huet déi noutwendeg sinn, fir objektiv ze informéieren. Déi Amenter huet och d'Kommissioun diskutéiert a sou wéi de Rapporteur et scho gesot huet, wäerte mer am Fong geholl als ee Complément zu deem heiten Text versichen, och an der Verfassung, dat Recht op Informatioun an déi Pluralitéit vun der Press, festzeschreiwen. Compte tenu vun deene Remarken, bréngen ech dann och den Accord vun der CSV zu där heiter Verfassungsännerung.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Artikel 24 vun eiser Verfassung handelt et sech ëm eng essenziell Bestëmmung vun eiser Constitutioun aus dem Kapitel iwwert d'öffentlech Fräiheeten an d'Grondrechter vum Bierger. An deem Artikel gëtt ënner anerem d'Pressefräiheet verankert. D'Press, déi oft als véierte Pouvoir am Stat duergestallt gëtt, där sonner Zweifel eng wichteg Kontrollfunktoun an eigentlech och nach vläicht méi eng wichteg Impuls-kraaft an engem demokratesche Stat zoukënn, fir en uerdentlecht Fonctionnéiere vun den Institutiounen. Ouni fräi Press ass d'Demokratie net denkbar.

Mä de Verfassungstext - den Artikel 24 - geet eigentlech nach iwwert d'Verankerung vun der eigentlecher Pressefräiheet eraus. An do wollt ech eng Nuance an dee schréfftlechen a mëndleche Rapport, deen hei virgedroe ginn ass, erabréngen, well an deem éischte Saz, net nëmme vun der Press an hirer Fräiheet, Rieds geet, mä och vum Recht op fräi Meenungsausserung, ob an engem Presseorgan oder ausserhalb.

Do si mer elo wierklech an der Essenz vun demokratesche Stat. Mä och do ass eis Verfassung vläicht méi nuancéiert wéi déi belsch, déi einfach affirméiert „la presse est libre“, well se gläichzäiteg awer och seet, dass d'Pressefräiheet garantéiert ass, mä dass dat keng absolut Fräiheet ass, déi iwwer allen anere Fräiheete géif stoen. Déi Nuance - déi wichtig ass - gëtt an deem alen an an deem neien Artikel, wann en da gestëmmt gëtt, kloer affirméiert.

D'Pressefräiheet huet e relative Charakter. D'Fräiheet vun der Press hält do op, wou aner Fräiheete changéiert ginn, an et ass e permanent Ofweie vu Wäerter, vu Grondrechter, vun öffentleche Fräiheeten, déi musse gemaach ginn, wann et zu engem Konflikt tëschent eenzelne Grondfräiheete kënnt. Dat géllt och fir d'Pressefräiheet, an déi muss also ëmmer erëm an deem Liicht gekuckt ginn, och op Grund vu der fortschrëttlecher Jurisprudenz vun der Gerichtshaff vun de Mënscherechter vu Stroossbuerg, déi grad an där doter Fro jo wierklech e ganz staarken Afloss op d'Ausleeung vun der Pressefräiheet hat, an déi ganz wäit gaangen ass an der Ausleeung vun där Pressefräiheet, a wou och eist Lëtzebuerger Gericht sech neierdénge deem dote Verdikt muss kloer beugen.

D'Pressefräiheet därëf also net mëssbraucht ginn, an d'Konstitutioun gesäit weider vir, dass an deem Kader vu Mëssbräich och Delikter festgeluecht gi kënnen duerch de Législateur, déi dann zu enger Repressioun kënnen féiere bei Mëssbräich.

Dës Verfassungsrevisioun, esou wéi d'Kommissioun se virschléit, bedeit keng nei Formulatioun vum Artikel 24. D'Inhalter bleiwen eigentlech déiselwecht. D'Grondausrichtung bleift déiselwecht, mä et gëtt sech drop beschränkt, fir eng Upassung vun deem Verfassungstext ze maachen un d'Zäite vun haut. Dräi Passagen aus dem aktuellen Artikel 24 sollen an Zukunft erausgeholl ginn, well se eigentlech haut kee richtege Sënn méi maachen, an dofir am Sënn och fir eng schlank, eng liicht uwendbar Verfassung ze halen, mengen ech, ass dat eng gutt Praxis fir esou virzegoen.

An deem aktuellen Text, deen op d'Joer 1848 zrëckgeet, 1868 fir d'éischt an enger Konstitutioun hei zu Lëtzebuerg drastoung, ginn eng Rei vun negative Schutzbestëmmungen iwwert d'Pressefräiheet

festgeluecht. De Cautionnement, deen net därëf agefouert ginn, d'Enregistrementstax op Presseorganer, an d'Erëmhierstellung vun der Zensur. Et sinn also Schutzbestëmmungen, déi an dem aktuellen Artikel 24 dra sinn, déi sech historesch erklären duerch d'Gegebenheete vum fréien 19. Jorhonert, an dat luest Erauswuesse vun engem wierklech demokratesche Stat, wou eng voll Pressefräiheet garantéiert ass.

Haut, nodeem dee Rechtsstat, déi Demokratie gefestegt ass, gëtt et eigentlech kee Sënn méi déi doten negativ Schutzbestëmmungen iwwert d'Pressefräiheet nach an eisem Verfassungstext ze loosse. Dat war zumindest d'Meenung vun der Kommissioun. Dat hätt een och kënnen uféiere bei der Zensur, well och do schwätzt keen dovunner, fir d'Zensur erëm anzeféieren hei zu Lëtzebuerg wat d'Press ugeet, mä et ass awer gemengt ginn, dass de Verbuet vun der Erëmaféierung vun der Zensur esou e staarke symbolesche Charakter huet, dass et virun allem och fir falschen Interpretatiounen aus dem Wee ze goe klug wär déi dote Schutzbestëmmung nach am neien Artikel 24 bäizebehalen.

Verschwanne soll schliesslech och d'Dispositioun, déi d'Regelung virgesäit, déi sou genannte Responsabilité en cascade, déi bei Pressevergehe spillt. Als LSAP si mer fir d'Bäibehaltung vum Cascadéprinzip. D'Mediëkommissioun huet sech och an deemselwechte Wee ausgeschwat, entgéint deem wat am Regierungsprojet iwwert dat neit Mediëgesetz stong. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass dat keng Fro ass, déi an eng Verfassung eragehéiert, och wa se an der belscher Verfassung nach wie vor dran ass. Mir sinn der Meenung, dass wéi all Fro vu Responsabilitéit, déi dote Fro iwwer en normaalt Gesetz geregelt gëtt.

Ech erënneren drun, dass eise ganzen Droit commun vun der Responsabilitéit am Code civil verankert ass, wat en normaalt Gesetz ass, wat kee Verfassungsrang huet. Mir gesinn net an, firwat dat hei sollt anescht sinn. Dofir si mer och domat averstanen, fir déi heiten Dispositioun aus der Verfassung erauszehuelen, mä eng ähnlech Dispositioun an engem uerdentleche Gesetz festzeleeën.

Et muss ee feststellen, dass mer mat där heiter Ännerung méi staark vun deem belschen Text ofwäichen, well de belschen Text vun 1830/31 nach wie vor éischter eisem alen Artikel 24 entsprécht. Et ass hiren Artikel 25, mä ech mengen, mir hu gutt Grënn, fir déi Modernisierung vu eisem Verfassungstext op deem Artikel hei duerschzeféieren. Mir soen also jo zu der Revisioun vum Artikel 24.

E kleng b-Moll wëll ech awer nach ubréngen, well mir bedauern, dass et net méiglech war an dësem Moment och de Prinzip vun der Garantie vum Pressepluralismus an d'Recht op Informatioun an eis Verfassung anzeschreiwen, se definitiv doranner ze verankeren. Méi rezent, méi essenziell liddé sinn dat doten, déi eigentlech, wann een iwwert d'Press a Pressefräiheet an enger Konstitutioun schreift, dach e Corollaire vun der Pressefräiheet haut sinn. Mir huelen awer Akt dovunner, dass och aner Fraktiounen sech an de Kommissiounsaarbechten an och bis elo an der Debatte hei fir en nächste Schrëtt ausgeschwat hunn, an dass mer déi dote Froe vun der Garantie vum Pressepluralismus a vun dem Recht op Informatioun nächstens an engem aneren Artikel, eventuellen Artikel 24bis, am Schloss an deen heiten Artikel an der Verfassung géife regelen. Mir wäerten op jidde Fall weider um Ball bleiwen an dofir suergen, dass mer och an där doter Diskussioun an deenen nächste Joren Neel mat Käpp maachen. Dat ass en Zousaz, dee ganz wichteg ass.

Ech wëll schlësse mat engem flotten Zitat aus dem Joer 1829. Dat ass eng Ried, déi gehale ginn ass an der Belsch bei den États généraux, déi d'Préparatioun waren zu der belscher Verfassung zu Bréissel. An do ass Folgendes gesot ginn: „La liberté de la presse est de l'essence du gouvernement représentatif. Sans elle toutes les autres libertés seraient constamment en péril, tandis que seule elle suffirait pour les reconquérir toutes si jamais elles pouvaient être perdues.“

Schéi Wieder. Aus deene Wieder geet, mengen ech, eng grouss Verantwortung eraus, eng grouss Verantwortung fir d'Press selwer deenen héich gesaten Ziller do gerecht ze ginn, awer och Verantwortung fir déi, déi dofir ze suergen hunn, dass d'Pressefräiheet weider garantéiert bleift.

Merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

(Interruption)

Dir sidd net agedroen. Et huet keen lech gemellt. Da kommt Der uschlëssend un d'Rei.

D'Mme Wagener huet elo d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG). - Merci, Här President, esou kënnt een dann e Schrëtt méi wäit op der Riedelëscht.

Ech wollt mech eigentlech ganz kuerz faassen zu der Verfassungsännerung, well ech der Meinung sinn, datt mer hei am Fong, och wann et em e wichtegen inhaltleche Sujet geet, et éischter mat enger technescher Affär ze dinn hunn an deem Sënn, datt mer jo hei e Saz eraushuelen, fir en an e Gesetz, nämlech an d'Reform vum Pressegesetz, ze setzen. Allerhéchstens kënnt een driwwer diskutieren ob de Fait, datt mer dat maachen, esou gutt ass, well mir gi jo domadder hin a mir huelen deem Saz e bësse vun där Importenz, déi en deemools hat wéi en an d'Verfassung gesat ginn ass. Elo huet e just nach eben de Stelwäert vun engem Gesetzestext. Vu datt awer all déi Avisen, déi mir kruten, an notamment och déi vun de Beruffsassociatiounen, domadder kee Problem méi schéng gehat ze hunn, denken ech, kënne mer eis als Gréng och där Virgehensaart a -weis ralliieren.

Mir haten an der Kommissioun de Virschlag vun der LSAP ënnerstëtzt, fir och nach eppes zum Droit à l'information an zum Medipluralismus ze soen, esou wéi den Här Bodry dat och elo grad hei erkläert huet. Aus Zäitgrënn ass dat net geschitt. Mir woren eis all eens, datt et awer e wichtige Punkt wär. Ech hunn dovun ofgesinn, fir dat nach eng Kéier an enger Motioun festzehalen, déi mir da vläicht alleguerten zesumme gestëmmt hätten, well ech emol dovun ausgaange sinn, datt een esou vill Vertraue kënnt an d'Majoritéit hunn, datt se dat net ënnerwee vergësst, besonnesch well mir jo nach eng Wahléchéance ustoen hunn a mer net wësse wéi schnell, datt mer an der Matière wäerte virukommen. Ech ginn awer emol dovun aus, datt d'Kollege vun der LSAP an der Persoun vum Här Bodry och wäerten drop oppassen, datt déi Hausaufgab do net an de Vergiess geréit.

Da just nach e leschte Punkt, Här President. Mir huelen déi Verfassungsännerung haut vir, ouni datt mer d'Reform vum Gesetz scho kënnte maachen. Et ass gewosst, datt d'Amendementer, déi ausgeschafft gi si vun der Mediekommissioun, elo nach eng Kéier bei de Statsrôt gaange sinn an et gëtt drop gehofft, datt mer dat nach kënne vrun Enn vun dëser Legislaturperiod iwwert d'Bühn bréngen.

Ech hu mer just d'Fro gestallt: Deen Délai, deen elo entsteet tëschent dem Dag vun haut, wou mer dee Saz iwwert de Kaskade-

prinzip aus der Verfassung eraushuelen, an deem Dag, deen hofentlech geschwé kënnt, wou mer dann déi Reform vum Pressegesetz maachen, ob dat net e Problem schaaft, well mer elo eng Zäit hunn, wou mer guer kee Prinzip méi hunn, wann een dat kann esou soen. Ech denken, datt sech doriwwer Gedanke gemaach gi sinn. Dat hätt ee vläicht méi elegant kënne léisen, andeems een déi zwee Texter an engem Dag an an engem Oflaf zesummen diskutéiert an dann noenaner gestëmmt hätt. Doriwwer eraus, Här President, kënne mir mat där Ännerung d'accord sinn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 24 vun onser Verfassung ass ee vun deene ganz wichtigen Artikelen an onser Verfassung. Zwee Prinzipie ginn do festgehalten: Dee vun der Liberté d'opinion, der Meinungsfräiheet, an dee vun der Liberté de la presse, der Pressefräiheet.

Et sinn zwou essenziell Fräiheete fir en demokratesche Stat a fir en demokratescht Fonctionnéiere vun onsem Stat ze garantéieren. Et ass natierlech, datt all Fräiheet muss Rücksicht huelen op d'Fräiheete vun anere Leit, an doduerch ass et och logesch, datt mer niewent dem Prinzip, dee mer festhalen, och soen, datt d'Gesetz muss verschidde Limité festleeën a soen, deen Ablack, wou et en Delikt gëtt, wou e Mëssbrauch vun de Fräiheete vun der Meinung a vun der Press virkomm ass.

Deen drëtten Punkt, dee festgehale gëtt, deen ass scho bal traditionell an et hätt een e souguer kënne op der Säit loossen, mä en ass awer psychologesch wichtig, well et hei am Land keng Zensur däerf ginn. En ënnerstraicht just nëmme déi zwee Prinzipien, déi mer virdu festgehalen hunn.

An der Kommissioun ware mer eis alleguerten eens, fir d'Fro vun der Responsabilitéit net méi an der Verfassung selwer ze behandelen, mä duerch dat speziell Mediegesetz, well mer do besser kënne eng Réglementatioun virgesinn a well et och do am Beschten higehéiert.

Ee Punkt, wou mer bedauern, datt mer et net fäerdeg bruecht hunn an der Zäit an och aus Zäitgrënn, fir et bei dëser Verfassungsrevisioun schonn duerchzezéien, an zwar de Prinzip festzehalen um Recht op Informatioun. Et ass e wichtegt Recht an enger demokratescher Gesellschaft, datt de Bierger d'Méiglechkeet huet déi Informatioun ze kréien, déi e wënscht, déi e sicht, an datt och séchergestallt gëtt, datt verschidde Meinunge kënne un en erugedroe ginn, fir datt e ka seng eege Meinung ausmaachen.

Et geet net nëmme em d'Pressefräiheet, mä em de Pressepluralismus, an dee Prinzip muss bien entendu och festgehale ginn. Et ass ee vun deene Problemer mat deene mer ablécklech konfrontéiert sinn. Mir mengen, datt mer hei nach misste méi wäit goen an dofir wäerte mer och an deem Sënn an der Kommissioun intervenéieren. Mir wäerte bien entendu Fuerderunge stellen herno an de Gesetz, déi de Prinzip iwwert de Pressepluralismus duerchzéien a verschidde Verbesserunge virschloen.

Dat gesot, mengen ech, ass déi Verfassungsännerung dee richteg Wee, an ech wollt dofir den Accord vum ADR zu dësem Text bréngen.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et heescht dat hei wier eng Verfassungsreform, eng Moderniséierung vun der Verfassung. Ech weess net, ob all d'Derfirsprécher vun deem Text, déi mer elo héieren hunn een nom aneren, sech iwwerhaupt bewosst sinn, datt dës Ännerung vum Artikel 24 iwwert d'Pressefräiheet de Verfassungstext vun 1856 integral iwwerhëlt ouni e Wuert drun ze änneren.

Am Joer 1856 huet bekanntlech den hollännesche Kinnik a Groussherzog Wëllem den Drëtten an engem Statsstreech grouss Deeler vun der revolutionärer Verfassung vun 1848 ausser Kraaft gesat, bis se am Joer 1868 erëm agefouert a bis haut bliwwen sinn. Dozou hunn och folgend Bestëmmunge gehéiert, déi haut erëm eng Kéier aus der Verfassung fléie sollen:

- datt keng Kautioun vun den Éditeuren, den Drécker an de Verdee-ler vu Presseprodukter ka gefrot ginn;

- datt keen Droit de timbre fir d'Zeitunge vun der Stat ka gefrot ginn, d'Zeitungsnummern also net mus-sen amtlech enregistréiert ginn;

- et verschwénnt den Hiweis op Stroffräiheet vun den Éditeuren, den Drécker an de Verdee-ler, wann den Auteur vum Artikel bekannt, Lëtzebuerger an hei domiciliéiert ass.

Am Ufank sollt eleng den Hiweis op d'Lëtzebuerger Nationalitéit aus dësem Artikel erausgehoill ginn. Et war och e Moment esouguer dru geduecht ginn eng weider Bestëmmung aus der Verfassung erauszehuelen, déi souguer de Wëllem den Drëtten gelooss hat, an déi laut: „La censure ne pourra jamais être établie.“ Et ass awer dunno n längerer Diskussiounen drop verzicht ginn, déi Bestëmmung erauszehuelen.

D'Argumentatioun fir esou Ännerungsvirschléi vun der Verfassung ass mer wuel bekannt. Déi Saache wieren iwwerholl a si hätte keng Plaz méi an enger moderner Verfassung. Déi Rechter wieren haut souwiso garantéiert.

Ech sinn do vill méi skeptesch, Dir Dammen an Dir Hären. Mir sinn ekonomesch a gesellschaftspolitesch a viller Hisiicht erëm zréck um Wee an d'19. Johonnert, an ech mengen och, datt duerfir déi Verfassung haut nach aktuell ass. Zum Beispill an der Fro vun der Stroffräiheet vun den Éditeuren a Verdee-ler vu Presseorganer, déi och am neie Pressegesetzprojet eng zentral Roll spillt an déi laang net geséchert war, net geséchert war bis am Dezember 2003. D'Regierung wollt nämlech am Projet de loi d'Journalisten an d'Auteurs am Allgemengen iwwert de Wee vun de Propriétaires vu Presseorganer, wéi et esou schéin heescht, responsabiliséieren, a Wierklechkeet awer disziplinéieren, an dobäi op de Prinzip vum Ancien régime vum Wëllem dem Éischten, deen den Här Meyers hei zitéiert huet, zréckkommen, deen 1848 an der Revolution ofgeschafft gi war, de Prinzip vun der kollektiver Responsabilitéit vun den Auteurs an den Éditeuren.

Ech zitieren awer aus dem Exposé des motifs: D'Propriétaires vun Zeitungen a vun anere Medie sollten dofir suergen, wann et der Regierung no gaange wier: «...que les informations diffusées soient conformes à la ligne éditoriale ou à la politique commerciale». Weider huet et geheescht: «Ce pouvoir de contrôle et de direction est encore renforcé par la circonstance que la plupart des collaborateurs d'une publication sont des salariés.» An déi hu jo bekanntlech ze follegen.

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Dir hutt de Projet iwwerhaupt net gelies, Här Urbany!

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Här Minister, da kënnt Der jo no mir d'Wuert ergräifen an dat dann hei argumentéieren.

Déi Bestëmmung hätt d'Journalisten an d'Auteurs am Allgemengen enger Virzensur vun de Redaktiounen an de Chefredakteren ënnerworf a se nawell bestrooft als eventuell d'Coauteure vu Pressedelikter. D'Journalistevereenegung huet sech esou enger Entwécklung, Gott sei Dank, mat Erfolleg entgéintgesat. De Prinzip, datt wann den Auteur bekannt ass, hien och verantwortlech ass, de sou genannte Principe de la cascade, soll elo erëm an de Gesetzesprojet vum Pressegesetz agefouert ginn, wuel an enger liicht verännerter Form. Och déi Regelung ass net fräi vu Geforen a Risiko fir eenzel Journalisten, virun allem da wann hir Éditeuren net solidaresch mat hinne sinn, wat se haut awer dacks sinn. Dat muss een awer och dobäi soen.

Esou eng Regelung erlaabt awer d'Veröffentlechung vu Meinungen. Zum Beispill och vu Meinungen vu bekannten Auteurs, ouni datt den Éditeur direkt mat ugeklot ka ginn. Zum Beispill kann den Emile Zola vun haut sai „J'accuse“ fräi veröffentlechen, ouni datt e muss fäerte keen Éditeur ze fannen.

De Georges Margue huet 1981 an der Feuille de liaison vun der Conférence St-Yves d'Virzich vum Principe de la cascade beschriwwen, deen d'Regierung elo wollt zu Gonschte vun der Responsabilité collective vum Auteur a vum Éditeur ofschafen. Hien huet gesot: „Les auteurs de la Constitution et de la loi sur la presse ont voulu éviter que la liberté des auteurs, au moins celle des auteurs indigènes, soit restreinte, du fait d'imprimeurs ou d'éditeurs tâtilons qui redouteraient les poursuites personnelles du fait des articles qu'ils seraient invités à publier.“

Et huet also laang musse gestridde ginn - ech hunn et virdu gesot - bis dee Prinzip erëm agefouert ginn ass an dat neit Pressegesetz, an ech froe mech, Här President, firwat en haut erëm soll aus der Verfassung erausgehoill ginn. En hätt jo kënne amagéiert ginn, en hätt jo kënne ugepasst a moderniséiert ginn un d'Formuléierung vun deem neie Pressegesetz, an ech froe mech ob dat net de Fall ass, fir datt en zukünftege Gesetzgeber eventuell dee Prinzip erëm kann ofschafen ouni musse Rücksicht op d'Verfassung ze huelen. Datselwecht géllt iwwregens och fir déi zwou aner Bestëmmungen. Ech wäert dofir op jidde Fall hei géint déi Verfassungsännerung stëmmen, esou wéi se eis virläit am Wuertlaut vum Wëllem den Drëtten.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Minister François Biltgen.

Une voix. - De Successeur vum Wëllem den Drëtten.

(Hilarité)

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut den Artikel 24 vun der Verfassung nei iwwert d'Pressegesetz. Dat ass eng Viraussetzung, dass mer och kënne d'Reform vum Pressegesetz maachen, wou d'Chamberkommissioun relativ wäit virgeschratt ass, déi, ech kann nëmme staunen haut, eigentlech e Projet vun der Regierung, dee ganz wäit gaangen ass wat d'Pressefräiheet ubelaangt, op verschidde Punkten an hirer Majoritéit ofgeännert huet, wat keng gréisser Punkte fir mech sinn. Ech muss ëmmer nëmme staunen,

dass elo haut grouss Tiradé gehale ginn, d'Regierung hätt wellen d'Pressefräiheet hei a Fro stellen, wat net de Fall ass, au contraire.

(Interruption)

Ech hat e Virriedner hei. Hat Der deen net matkritt? Hutt Der geschlof, Här Asselborn? Ech hunn e gelauschtert.

(Hilarité)

Et ass och hei gesot ginn: Mir hätte sollen den Artikel 24 vun der Verfassung zesumme stëmmen mat dem Gesetz. Ech mengen, dass dat falsch ass. Ech mengen, dass ee fir d'éischt sollt d'Verfassung änneren an opgrond vun der Verfassung e Gesetz maachen, an dann och wëssen, op wat fir enge Considéranten een dat Gesetz mécht, amplaz déi zwee.

(Interruption)

Ech mengen, dass et och, ofgesi vun eise neien 114, richtig ass, dass een dat net an engem Dénge mécht, dass d'Verfassung u sech de Corollaire vum Gesetz ass, mä dass d'Gesetz de Corollaire vun der Verfassung ass. Dofir mengen ech, dass et richtig ass, dass mer haut, elo, den Artikel 24 stëmmen. An da kënnt derbäi, dass mer den Artikel 114 geännert hunn, deen dem Bierger dobausse méi Mat-sproochrecht gëtt. Well wann elo ee sech heirunner stéiert, da kann en hei e Referendum provozieren. Här Urbany, wann Dir wierklech Problemer heimadder hutt, da provozéiert e Referendum.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Do muss een an zwee Méint 25.000 Ennerschrëften hunn. Här Biltgen, dat hutt Der och agefouert an d'Verfassung.

(Interruptions diverses)

M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Et ass eng Saach vu Prioritéit am Liewen. Jiddferee setzt seng Prioritéiten. Här Urbany, ech hu verstane wat Är Prioritéit ass. Dofir mengen ech, dass et scho richtig ass, dass mer dat haut maachen.

Da kommen ech op den Text. Den Text ass een, dee mer ganz laang diskutéiert hunn, an ech war selwer President vun der Verfassungskommissioun 1998, wou mer deen Text, deen haut zum Vote virläit, ausgeschafft hunn, dofir kann ech mech ganz gutt drun erënneren. An, dat wëll ech dem Här Urbany soen, dat ass awer wierklech net sai Feeler, well hie war deemools net derbäi, mä et war ni eng Diskussioun an der Kommissioun, dass soll deen Alinéa iwwert d'Censure ofgeschafft ginn. Mir waren ëmmer eens, an duerch all Parteie ware mer eens, dass mer deen Alinéa vun der Censure sollte bestoe loossen, fir drun ze erënneren, dass d'Pressefräiheet keng einfach Saach war an dass d'Pressefräiheet huet missen erkämpft ginn.

Mir waren der Meinung, dass déi Alinéaen iwwert de Cautionnement, den Timbre, dass déi sollen erausgehoill ginn, well dat nu wierklech poussiéer war, a wat kee méi weess. Mä mir waren eis all eens, duerch all Parteie vun Ufank un, dass mer gesot hunn: Mä mir wëllen eng Referenz op d'Abolition de la censure stoe loossen, well dat ass eng historesch Errongenschaft gewiescht vun eise Virgänger, déi wëlle mer net strächen. An dofir kann ech hei net zouloossen, dass iergendeen hei behaupt, dat wär net de Fall gewiescht. Ech war 1998 derbäi, an 1998 war nach keng Diskussioun, an et war och duerno keng Diskussioun. Et war keng Diskussioun an der Chamberkommissioun, et war keng Diskussioun beim Statsrôt. Et muss een awer einfach e bëssen d'historesch Wourecht hei stoe loossen, an ech mengen och, dass all Partei mech doranner bestätegt.

Mir hunn effektiv d'Diskussioun gehat iwwert d'Cascade oder net. Woufir ass d'Cascade deemools

erakomm? Ma, et muss ee sech einfach virstelle wéi d'Pressefräiheet deemools fonctionnéiert huet. Deen Eenzeggen, dee wierklech op de Mëttele souz, dat war den Imprimeur. Eng Imprimerie ze hunn, dat war eppes. Do huet ee misse Suen hu fir eng Imprimerie ze hunn. Eng Imprimerie dat war och eppes wat opgefall ass. Haut kënn Der mat Ärem PC oder mat Ärem portable Computer eng Imprimerie opriichten, déi kee Mënsch méi kennt. Mir sinn haut an enger anerer Welt. Mä deemools war den Imprimeur deen Eenzeggen, deen d'Responsabilitéit en fin de compte gedroen huet. Dat heescht, wann ee konnt ugesicht ginn, en fin de compte, war et den Imprimeur.

Haut ass dat net méi esou. D'Technologie huet evoluéiert, an dofir ass déi Responsabilité en cascade net méi déiselwecht wéi deemools, well ebe jiddferen haut säin eegenen Imprimeur ka spillen. An dofir ware mer eis eens, dass déi Responsabilité en cascade: Auteur, Éditeur, Imprimeur, woubäi den Imprimeur de wichtege Punkt war, soll gestrach ginn, dass et haut net méi ass: Wien ass den Imprimeur? Déi gëtt en fin de compte gestrach.

Här President, Dir sot mer wann ech soll ophalen, well ech mierken, d'Attention ass net méi ganz grouss.

D'Regierung huet effektiv virgeschlo gehat, eng Responsabilité solidaire tëschent dem Auteur an dem Éditeur virzeschloen. Woufir ass dat komm? Et ass iwwerhaapt net komm fir de Journalist do ze stroufen. Au contraire, mir sinn dovunner ausgangen, dass et schlecht wär, dass ëmmer de Journalist dee wär, dee géif gestrooft ginn. Mir waren der Meenung, dass den Éditeur soll an enger Responsabilité solidaire och geruet stoen, well oft den Éditeur eigentlech deen ass, deen d'Suen huet, an net de Journalist. Dat ass kritiséiert ginn. Net nëmme vun de Journalisten, mä ganz heftegst vun den Éditeuren ass dat kritiséiert ginn, well d'Éditeuren do net wollte mat erakommen. Mir sinn och an der Kommissioun eens ginn, fir op déi Responsabilité solidaire ze verzichten.

Mir sinn elo amgaangen an der Kommissioun, obwuel ech soen, dass och do Schwieregkeete sinn, eng nei Responsabilité en cascade ze fanne mam Diffuseur. Do gëtt et eng ganz Rei juristesche Schwieregkeeten. Op déi komme mer zrëck wa mer de Projet definitiv fäerdeg hunn, an dat wäert an deenen nächste Wochen a Méint de Fall sinn, well dem Statsrot säin Avis eminent ass, a mir kommen an der Kommissioun zesummen. Mir kucken dat, dat ass effektiv ee vun de kruziale Punkten.

Ech wëll mech hei just verwiere géint all Ennerstellung - a wann Der d'Texter noliest, wësst Der dat -, dass hei d'Regierung versicht hätt, de Journalist enner Tutelle ze stellen. Et war just de Contraire, an d'Regierung huet notament vun der Chamber ennerstallt kritt, si wär vill ze vill journalistefrëndlech, an dofir wëll ech hei och wierklech bieden, dass mer zu engem sereinen Débat zrëckféieren, well et der Regierung wéi och der Chamberkommissioun an der Chamber drëm geet, en uerdentlecht Gesetz ze maache wat conforme ass zu deem wat d'Mënscherechtskonvention verlaangt.

Dofir ass dat, wat elo den Här Rippinger hei am Numm vun der Kommissioun virgestallt huet, wierklech e proppere Projet, an ech wëllt wierklech net hunn, dass iergendeen hei géif ennerstellen, iwwert deen dote Projet vun der Revisioun vun der Verfassung géife mer zrëckkommen op 1856. Dat ass wierklech eng beiséwëlleg Ennerstellung an dat entsprécht net deem, wat an der Kommissioun diskutéiert gouf.

Dat entsprécht net deem, wat och d'Positioun vun der Regierung ass, an ech mengen dofir ass d'Positioun vun der Kommissioun, déi lar-

gement unanime war, - ech ka jo net soe si wär unanime gewiescht, vu dass den Här Urbany hei eng géigesäiteg Meenung hat, mä et huet vläicht domat ze dinn, dass den Här Urbany net genuch an deenen Aarbechte bedeelegt war -, mä ass déi Positioun hei eng räichlech propper Positioun, déi eis wierklech erlaabt, an Zukunft e Pressegesetz hei nach virun de Wahlen ze stëmmen, wat de Conformitéit vun der europäescher Mënscherechtskonvention entsprécht, an dofir géing ech lech wierklech bieden, deesen Text hei ze stëmmen, an déi déi Problemer hätten, hu jo elo mat der Reform vum Artikel 114 d'Méiglechkeet, och hei un d'Vollek ze appelléieren.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Den Här Urbany huet d'Wuert gefrot.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Här President, ech wëll just kuerz op dat agoe wat de Minister elo just gesot huet. Ech wëll net agoen nach eng kéier op meng ganz Argumentatioun, déi ech virdrun hat, iwwert de Stelleväert vun esou enger Dispositioun an der Verfassung, als Garde-fou och fir zukünfteg Ännerungen vun der Gesetzgebung, déi eventuell erëm an iergendenger Form de Prinzip vun der Responsabilité collective vun de Journalisten, zesumme mat hiren Éditeuren, kéinten aféieren. Dat ass jo net aus der Loft gegräff, dat Gesetz huet dat effektiv virgesinn, esou wéi d'Regierung et virgeluecht huet, an et huet effektiv misen zu engem Widerstand komme vun der Journalistevereenigung ënnert anerem, fir dass déi Bestëmmung erëm erausgehol ginn ass, also ass dat guer net esou aus der Loft gegräff, wat ech do gesot hunn.

Ech wëll awer op nach eppes agoen. Dat ass déi Fro, dass d'Eraushuele vun där Dispositioun „la censure est abolie“ ni en Diskussiounsthema an der Kommissioun sollt gewiescht sinn. Ech wëll awer dozou eppes Kuerzes soen. Ech hunn hei e Sitzungsbericht vum 16. Februar 2000, wou den Här Rippinger, fir en ze nennen, ernimmt gëtt: „L'orateur se demande toutefois si une disposition sur la censure, cette dernière remontant à une époque désormais révolue, a encore sa place dans une constitution moderne.“ Déi Fro ass op d'mannst opgeworf ginn. Ech hu jo net gesot, dass den Här Rippinger dofir agetratt ass, déi misst onbedéngt erauskommen aus deem Projet, soss wier en net d'accord.

An nach de 14. Januar dëst Joer an enger Kommissiounssitzung, wou ech awer dobäi war, obschonn ech net Member vun där Kommissioun sinn, huet den Här Rippinger nach eng kéier déi Fro opgeworf: „Enfin, faut-il vraiment maintenir à notre époque la disposition prévoyant que la censure ne pourra jamais être établie? - Cela dit, l'orateur est cependant d'accord avec le projet de révision.“

Mä ech wollt just soen, a méi hunn ech och net gesot, dass bis zum Schluss déi Fro diskutéiert ginn ass an der Kommissioun.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Minister Biltgen.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Also, fir op déi zwou Saachen zrëckzekommen. Nach eng kéier, d'Responsabilité solidaire - et ass keng Responsabilité collective, dass een dat mol gutt versteet. An et waren net nëmme d'Journalisten. Et waren net zu Lescht a virun allem d'Éditeuren, déi dergéint waren. An d'Regierung huet iwwerhaapt kee Casus belli doraus gemaach. D'Regierung huet dat duerchdiskutiert a mir sinn op en anere Wee gaangen.

Zweetens, wat d'Censure ubelaangt, soen ech nach eng kéier - an do weess ech awer wierklech, vu wat ech schwätzen, well ech war dee Moment President vun där Kommissioun -, dass mer 1998 schonn, an do war den Här Rippinger och schonn derbäi, an e war als Oppositiounspolitiker derbäi, eis eens ware fir dee Saz stoen ze loosser an an allen offiziellen Dokumenter vun der Chamber ass dat och esou traitéiert ginn. Mir hunn deemools, 1998, dat un de Statsrot ginn, an de Statsrot huet deen Text och positiv aviséiert, an dat ass och net méi a Fro gestallt ginn, och wann een natierlech eng kéier déi Fro opwerfe kann. Ech mengen, dat ass awer d'Recht vun all Deputéierten. Mä et ass ni offiziell diskutéiert ginn.

Dass mer net 1998, respektiv 1999 ofgeschloss hu mam Artikel 24 - well den Text dee mer haut stëmmen, ass deeselwechte wéi deemools -, dat huet domat ze dinn, dass mer gesot hunn, mä kommt mir huelen elo net Décisiounen, ier dass mer wëssen, wat an d'Pressegesetz kënn. Elo, wou mer an der Kommissioun ënnert der Présidence vum Laurent Mosar do ganz wäit komm sinn a kierzester Zäit mat villen intensiven Diskussiounen, wou déi eng méi begeeschtert si wéi déi aner. - Och ech hunn e bësse meng Meenungen do dozou. - Mä mir hunn awer global gesinn e gudden Text. Deen hu mer elo un de Statsrot ginn an elo kënn de Statsrot mat engem Avis. Elo kommen erëm Amendementer. Deen Text wäert och nach änneren op Grond vum Avis vum Statsrot oder och op Grond vun Diskussiounen, déi mir de part et d'autre och mat de Concernéierte féieren. Mir wëssen awer elo, wou d'grouss Richtung higeet an dofir kënne mer haut wierklech en âme et en conscience hei en Artikel 24 verabschieden, deen awer wierklech net géint d'Pressefräiheet ass.

An dat, wat mech rose mécht, dat ass, dass hei ennerstallt gëtt, mir hätten elo wierklech hei déi hanerlëschteg Iddi fir d'Pressefräiheet a Fro ze stellen. Dat ass net de Fall. Au contraire.

■ **M. le Président.** - Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP), rapporteur.** - Ech soe just, Här President, dem Minister merci, well hien huet fir mech ganz gutt geäntwert. Hien huet och gesot, dass - an et ass jo elo bewisen - ech an der Oppositioun a mir an der Oppositioun déiselwecht Meenung zu deem ganz wichtege Sujet vun der Verfassung hate wéi och elo. Den Här Urbany huet iergendwéi och Recht, dat hien dat zitiiert huet. Mä et war meng Pflicht a meng Schëllegkeet, géing ech soen, als Rapporteur nach eng kéier nozefroen an där leschter Sëtzung, ob mer dobäi géinge bleiwen. An dat hunn ech och dunn a mäi Rapport afléisse gelooss. Méi ass net an där ganzer Saach.

■ **M. le Président.** - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de révision 3924 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de révision de la Constitution (par M. Jean Spautz)

Den Article 24 ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Revisiounsprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de révision de la Constitution

Ech erënneren nach eng kéier drun, dass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuertert ass an datt de Vote par procuration net erlaabt ass.

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de révision ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen an enger Neen-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohl-fart;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wager.

A voté non: M. Serge Urbany.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5051 iwwert d'Konventioun vu Budapest. Och bei deser Ofstëmmung musse mindestens zwee Drëttel vun den Deputéierte sech fir de Projet de loi aussprieche an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Als Éischt huet den Här John Schummer d'Wuert als Rapporteur vum Projet de loi. D'Wuert huet den Här Schummer.

10. 5051 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Budapest relative au contrat de transport de marchandises en navigation intérieure (CMNI), faite à Budapest, le 22 juin 2001

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

■ **M. John Schummer (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi betrëfft d'Approbatioun vun der Konventioun vu Budapest relative au contrat de transport de marchandises en navigation intérieure, déi den 22. Juni 2001 zu Budapest ennerzeechent ginn ass. De Projet gouf vun der Madame Ausseminister den 18. November 2002 déposiert. De Statsrot gouf den 31. Oktober 2002 saiséiert an huet och säin Avis de 4. Abrëll 2003 ofginn. D'Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports huet mech den 2. Juli 2003 als Rapporteur designéiert an an där Sitzung ass de Projet och eng éischte kéier ënnert d'Lupp geholl ginn, mam Avis vum Conseil d'État iwwerens an darselwechter Sitzung. Eng weider Sitzung war den 13. November 2003, an de Rapport, deen ech elo virdroen an deen Dir och schréfflech virun lech leien hutt, gouf den 22. Juni 2004 ugeholl.

D'Länner, déi vun deser Konventioun betraff sinn, sinn Däitschland, Eisträich, d'Belsch, Bulgarien, Kroatien, Frankräich, Ungarn, Lëtzebuerg, Holland, Tschechien, Rumänien, Russland, d'Slowakei an d'Schwäiz. Des Konventioun regelt d'Modalitéit vum Transportkontrakt vu Wueren an der Navigation intérieure. Si ass applicabel onoffhängeg vun der Nationalitéit,

dem Lieu d'immatriculation, dem Port d'attache, dem Besëtz vum Schëff a vun der Nationalitéit, dem Domicile, dem Siège vum Transporteur, vum Expéditeur oder vum Destinataire. à condition dass de Port de chargement oder de déchargement, soit le lieu de livraison an zwee verschiddene Länner sinn, wouvun eent op d'mannst Signataire vun deser Konventioun vu Budapest ass. Et gëtt heimat e Vide juridique opgehuewen. De Kompromëss ass also deen, dass de Prinzip vun der Responsabilitéit vum Transporteur senge Préposés et mandataires souwéi dem Transporteur substitué, wat d'Perte oder d'Avarie vun de Wueren betrëfft, zrëckbehalde gëtt.

De Conseil d'État approuvéiert d'Ziler, déi duerch des Konventioun viséiert sinn, mä e mécht Reserven, wat d'Procédure d'amendement betrëfft, an ech zitiiere de Conseil d'État: „Le Conseil d'État redoute une dévolution par traité de pouvoirs souverains à une institution de droit international, tel que le prévoit l'article 49bis de la Constitution luxembourgeoise, puisque le pouvoir de décision quant à l'acceptation de l'amendement n'appartiendrait plus à chacune des Parties, mais à une institution de droit international qui dispose de ce fait d'une large autonomie. Dans ces conditions, le Conseil d'État estime que la loi d'approbation sous examen doit être votée dans les conditions de l'article 114, alinéa 5 de la Constitution auquel renvoie l'article 37, alinéa 2 de la Constitution pour les traités qui portent dévolution de pouvoirs souverains.“ Och d'Kommissioun vun der Économie, Énergie, Post an Transport ralliiert sech där Meenung.

Als Konklusioun kann een also soen, dass des Konventioun dozou bäidréit, dass d'Harmonisatioun vun de juristesche Regimer am Interessi vum Développement vun den Transporter ass. Et ass wichtig, well des Konventioun fir d'Transporteur hir Responsabilitéit fir d'Perte ou l'Avarie bestëmmt an och d'Exonératioun vu Responsabilitéit fir Fautes nautiques.

Ech bieden lech also des Konventioun oder besser gesot dese Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Et ass keen Diskussionsriedner agedroen. D'Wuert huet den Här Transportminister Henri Grethen. Wëllt Dir d'Wuert?

(Négation)

Also, da stëmme mer of iwwert déi virleiend Konventioun. Mir maachen awer fir d'éischt d'Lecture vum Artikel.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

■ **M. le Président.** - Den Article unique ass gelies an ugeholl. Mir stëmmen also iwwert dee virleiend de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 49 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;